déi eis och säit enger ganzer Rei Joren an där doter Diskussioun ophalen.

Éischt Saach, déi ee muss bedenken, dat ass, datt d'Belsch, Frankräich déi Obligatioun net hunn. Frankräich huet d'Méiglechkeet, fir an Alpegebidder oder a Biergebidder verschiddentlech Ketten-Obligatioun an Ähnleches ze maachen. Mä eng allgemeng Wanterpneuen-Obligatioun hu se net. Mir sinn en Transitland, notamment mat Autobunnen tëschent der Belsch a Frankräich, an d'Fro ass, wéi een am Fall, wou ee fir déi puer Kilometer, déi hei zu Lëtzebuerg ze fuere sinn, wann een do Obligatiounen hätt, déi een iwwert d'Grenz eraus net huet, ass dat net onschwiereg, fir et an der Praxis ëmzesetzen.

Dat Zweet, dat ass, mir hu jo och gekuckt, wat an Däitschland elo dat Uerteel war, wat vum Oberlandesgericht Oldenburg ausgeschwat ginn ass am Juli 2010, wat am Fong seet, datt déi Obligatioun, déi an däitsche Gesetzgebunge war an déi gesot huet, datt ee misst adequat Rieder hunn, wiederugepasste Rieder um Auto hunn, datt déi net prezis genuch wier. Duerfir ass dann elo eng méi prezis Législatioun erauskomm, déi u sech seet, datt d'Summerpneuen net erlaabt wiere bei „Glatteis", „Schneeglätte", „Schneematsch", „Eis- und Reifglätte". Dat ass u sech dat, wat den däitschen Text seet.

Dir hutt virdru geschwat, 2006 wieren Diskussioune gewiescht. Et war och esou, datt mäi Virgänger schonn eng Propositioun erabruecht hat, wou de Conseil d'État eng ganz Rei prezis Froe gestallt huet. An déi prezis Froen, komescherweis, déi de Conseil d'État 2007 gestallt huet zu der Propositioun sengerzäit vum Här Lux, dat ware genau déi Froen, déi elo dat däitscht Geriicht opgeworf huet, fir ze soen: Mä wéi ass et da mat der Prezisioun vun deenen Aussoen?

De Conseil d'État, dee seet hei da genau dat, dee seet: Wéini ass dann elo wat fir eng Situatioun antriedend, a wéini stelle sech wat fir eng Responsabilitéitsfroen? Wéini kann een dat noweisen? Wéi soll dat alles goen? An op Basis vun all deene Froen an där juristescher Onsécherheet, déi aus deene Froen erauskomm ass, ass dee Moment entscheed ginn, datt op deem Projet net géif weidergefuer ginn.

Nach eng Kéier, ech sinn der Meenung, datt dat eis e Plus u Sécherheet sécher géif bedeiten. Ech hunn och gesot, d'Commission de circulation soll op Basis vun där neier däitscher Législatioun nach eng Kéier driwwerkucken. Ech maachen awer drop opmierksam, datt de Fait, datt mer en Transitland sinn tëschent zwee Länner, déi et net hunn, an déi juristesch Schwieregkeete vun der Prezisioun vun der Ausso et relativ schwiereg maachen, esou eng Gesetzgebung och fir Lëtzebuerg ze maachen. Falls dat am europäesche Kader géif kommen, mengen ech, wier eis Positioun éischter positiv dozou.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister. Da komme mer zu der leschter Fro fir de Mëtteg, nämlech d'Fro N°94 vum Här Xavier Bettel iwwert d'Iwwerwaachung duerch d'amerikanesch Botschaft, un de Medien- a Kommunikatiounsminister. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°94 du 29 novembre 2010 de M. Xavier Bettel relative aux observations et filatures des services de sécurité de l'Ambassade des États-Unis et la protection des données à caractère personnel, adressée à M. le Ministre des Communications et des Médias

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Merci, Här President. Déi Fro, firwat? Mir konnten an engem Artikel an der Lëtzebuerger Press liesen, dass d'amerikanesch Ambassade virun hire Gebailechkeeten, dat um Lampertsbierg an an der Stad, Observatiounen organiséiert huet. Gëschter krute mer och vum Ausseminister verschidden Erklärungen, dass dat eng zéng Leit wieren, déi dat géife maachen, dass déi Leit och net de Statut diplomatique haten. An deem Zeitungsartikel, wou jo eng Persoun geschwat huet - déi selwer am Service jo mat agebonne war -, huet déi jo behaapt, dass och do Autosplacken opgeschriwwe gi wieren, dass Fotoe gemaach gi wieren, dass se Leit nogaange wieren.

Fir eis fält dat, Här President, ouni Zweifel ënner eng Datebank, déi gemaach ginn ass, op jiddwer Fall eng Lëscht, déi gemaach ginn ass. De Minister sot eis och gëschter, dass, wa suspekt Leit do gewiescht wieren, déi un d'Police weidergeleet gi wieren, an dass dann och d'Police dem Parquet d'Informatioun sollt weiderginn.

Wéi vill där Fäll et gi vu soi-disant suspekte Leit, déi um Lampertsbierg do ronderëmspadséieren, konnt een net gewuer ginn. Wat do erauskomm ass, kann een och net gewuer ginn. Mir hunn d'Chance, dass de Minister, deen d'Medien an d'Kommunikatioun ënner sech huet, och de Garant vum Rechtsstat ass als Justizminister.

Duerfir, Här President, wollt ech him e puer Froe stellen. Déi éischt Saach ass, wann esou e Listing gemaach gëtt, misst jo selbstverständlech eng Autorisation préalable gemaach ginn. Et steet do vun enger Deklaratioun zum Beispill bei der CNPD. Ass dat gemaach ginn? Et si jo souguer Sanctions pénales virgesinn am Text, wann een et net mécht. Huet de Minister do schonn d'CNPD op d'mannst fir en Avis gefrot? Ass, wéi den Ausseminister deemools reagéiert huet, och direkt d'CNPD informéiert ginn iwwert déi Traitementer? Huet d'CNPD och kënnen da bei der Ambassade en Ableck hunn?

Firwat, Här President? Well, wéi gesot, eng Autorisation préalable ass fir eis selbstverständlech eng Musse-Saach. Mä de Contenu, et weess keen haut, wat d'amerikanesch... also déi Gesellschaft oder déi Leit, déi zéng Leit, déi do engagéiert gi sinn, geknipst hunn, opgeschriwwen hunn, ob se de Leit nogaange sinn oder net.

A selbstverständlech, Här President, hu mer hei och vis-à-vis vun der Chamber eng... Jo, e Geheimdéngscht, deen och heiansdo Observatioune mécht, mä do gëtt et eng Kontroll, e Kontrollorgan, an dat ass eng Kommissioun, déi mer hei an der Chamber hunn. A selbstverständlech ënnerleien déi heite Praktike vun der amerikanescher Ambassade kengem.

Duerfir wier ech frou, Här President, ze wëssen, ob dës CNPD kontaktéiert ginn ass? Ob déi en Avis ginn hunn? Ob de Minister beim Parquet - e ka jo Injonctiounen och ginn als Ministre de la Justice - gefrot huet, wann do Infractioune sinn, fir dass déi och sollte poursuivéiert ginn. Well esou Observatiounen, esou eng Attitüd an esou Praktike kënne mir net hei an engem Rechtsstat akzeptéieren.

M. le Président.- Merci dem Här Bettel. Elo kritt d'Wuert den Här Kommunikatiounsminister François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre des Communications et des Médias*.- Merci, Här President. Fir d'Éischt wëll ech soen, dass d'CNPD, obwuel mir e ganz strengt Gesetz hunn, net fir alles zoustänneg ass. Mir sinn zum Beispill, wat d'Videokameraen ugeet - dovunner huet awer den Här Bettel elo net geschwat - eent vun deenen eenzege véier Länner an Europa, wou ee muss eng Autorisation préalable hunn.

Ech hunn och mat der CNPD Kontakt opgeholl, net als Justizminister, mä als zoustännegen Telekomsminister, an do fir Dateschutz zoustänneg. Éischtens ass keng Plainte bis elo erakomm. Och net, kann ech och soen, beim Parquet.

Zweetens ass et esou, dass hei eng komplizéiert juristesch Sachlag sech feststellt, nämlech déi all aner Länner och hunn. An deene Länner, ville Länner ass versicht ginn, e Modus vivendi ze fannen. Eist Gesetz ass nämlech nëmmen op eisem Territoire uwendbar. Mir hunn also hei e Problem vun Extraterritorialitéit. A bei Kameraen, do si mer an enger Grauzon. Wann natierlech an engem Haus Banques de données sinn, dann ass dat en anere Problem.

A verschidde Länner a mat Europa gëtt et do eng spezifesch Léisung. Nämlech do ass et och esou, dass fir Europa hiren Dateschutz zoustänneg ass. Wat ech wëll mat der Dateschutzkommissioun als Telekomsminister maachen, dat ass zesumme mat den Affaires étrangères ze schwätzen, fir ze kucken, wat fir e Modus vivendi mer kënne fannen.

Ech wëll Iech zum Beispill soen, dass keng eenzeg Ambassade eng Demande gestallt huet, obwuel se se géif kréien, wa se géif eng Demande stellen, no de Gepflogenheeten, déi d'Dateschutzkommissioun huet. Keng eenzeg Ambassade zu Lëtzebuerg huet eng Autorisatioun fir eng Kamera ugefrot. Obwuel och Ambassadë Kameraen hunn, ebe well mer hei an enger Situatioun sinn, déi e bësse méi komplex ass.

Et ass also duerfir och richteg, an ech wäert mech där Saach och unhuelen, dass mer zesumme mat dem Ausseministère kucken, ob een net ka Modus-vivendië fannen, fir de richtegen Équiliber ze fannen tëschent, engersäits, der noutwendeger Sécherheet vun Ambassaden - déi jo net a Fro ze stellen ass, dass déi mussen eng gewësse Sécherheet garantéiert kréien -, an natierlech dem Recht vum Bierger, seng Date reservéiert ze kréien.

Dat ass d'Sachlag, an duerfir huet d'Dateschutzkommissioun, opgrond vun der aktueller Gesetzgebung, do e gewëssene Problem. Mir wäerte versichen, eis mat där doter juristescher Fro auserneenzesetzen, a gegebenenfalls wäert ech dann och erëm eng Kéier hei an dës Chamber zréckkommen.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, ech hunn... Virun der Ambassade. Am Artikel steet, dass se als Studente getarnt Fotoe vu Leit bausse bei der Ambassade gemaach hunn, Här Minister, net bannen. Ech verstinn, bannen enger Ambassade ass eng Ambassade responsabel fir hir Sécherheet. Mä baussen, Här Minister, hunn ech Iech d'Fro gestallt. An do hutt Der mer net drop geäntwert. Et ass extraterritorial.

M. le Président.- Ech weess zwar elo net, a wat fir enger Debatt mer sinn. Den Här Minister kann nach eng Kéier ganz schnell äntwerten.

M. François Biltgen, *Ministre des Communications et des Médias*.- Här President, wann Der an Zukunft och esou kulant sidd, wann d'Regierung emol gär d'Wuert ausserhalb vum Reglement hätt...

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Ma neen, mä dat... Ech hunn eng Fro gestallt. Ech hätt gären eng Äntwert.

M. le Président.- Neen, ech mengen, Här Minister, et ass eng wichteg Fro. Dir äntwert elo nach eng Kéier, an dann ass d'Diskussioun ofgeschloss.

M. François Biltgen, *Ministre des Communications et des Médias*.- Wann een eng Foto mécht, ass dofir d'Dateschutzkommissioun net zoustänneg. D'Dateschutzkommissioun ass zoustänneg, wann ee Banques de données uleet. Eng Foto, déi virun, déi op engem öffentlechen Domaine public gemaach gëtt, do si mer am allgemengen Zivilrecht respektiv och Penalrecht, nämlech d'Protektioun. Dat huet näischt mat Dateschutzkommissioun ze dinn.

Dir hutt mer hei eng Fro gestallt iwwert d'Dateschutzkommissioun, an ech hunn Iech zu der Dateschutzkommissioun geäntwert. D'Fro vun der Foto ass keng, déi den Dateschutz interesséiert. D'Fro vun der Foto ass eng, déi d'Sphère privée ubelaangt, an do gëtt et déi néideg gesetzlech Bestëmmungen.

(Interruption)

M. le Président.- Elo ass d'Diskussioun ofgeschloss, a mir sinn domadder och um Enn vun der Froestonn.

Mir kommen elo zum Projet de loi 6145 iwwert d'elektronesch Medien. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Thiel, Berger, Fayot, Adam a Colombera. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

7. 6145 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media, des Communications et de l'Espace

M. Marcel Oberweis *(CSV), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister.

Mat dem virleiende Gesetzestext soll déi europäesch Direktiv 2007/65, déi hirersäits déi europäesch Direktiv aus dem Joer 1989 N°552 modifizéiert, an eist nationaalt Recht ëmgesat ginn. Et geet am Speziellen ëm d'Koordinatioun vu verschidde legislativen, reglementareschen an administrativen Dispositiounen am Zesummenhang mat de Servicer mat den audiovisuelle Medien, ënner anerem Radio a Fernseh. Dës Transpositioun verlaangt d'Upassung vum Gesetz, mat Datum vum 7. Juli 1991, iwwert déi elektronesch Medien.

D'Welt vun de Kommunikatiounen hei zu Lëtzebuerg ass mat dem Gesetz vum 19. Dezember 1929 iwwert d'Radiosstatiounen agelaut ginn. Dat war en historescht Gesetz, well mat him gouf déi éischt Konzessioun fir eng Radiosemissioun iwwer Laangwellen un d'CLT den 29. September 1930 verginn. Lëtzebuerg konnt domat zum Pionéier am private Radioswiesen an Europa eropwuessen.

D'Gesellschaft CLT ass an de Joren d'Gesellschaft RTL an domat ee vun de gréisste Playeren op dësem Gebitt ginn. Däerf ech hei kuerz - wéi déi Eeler ënner ons - erënneren un d'Zäit vun engem Léon Moulin, engem Pier Kremer, a besonnesch dem Pilo Fonck, wann hien e Fussballsmatch iwwerdroen huet. Dat ware ganz spannend Momenter. Lëtzebuerger Radiosgesellschaft!

Datselwecht Gesetz huet och erlaabt, d'Konzessioun fir d'Satellitegesellschaft, d'SES, den 9. September am Joer 1988 ze verginn. De 27. Juli am Joer 1991 huet d'Chamber en neit Gesetz gestëmmt, dat eng éischte Kéier den 2. Abrëll 2001 modifizéiert ginn ass.

Mat deem Gesetz ass et engersäits zu der Liberaliséierung an der Diversifikatioun vun eiser Radioslandschaft komm, ouni awer de Pluralismus an der geschriwwener Press opzeginn. Anersäits ass déi éischt europäesch Direktiv, déi sougenannten „Télévision sans frontières" aus dem Joer 1989 ëmgesat ginn. Et gouf festgeluecht, wien hei am Land wellech Aufgaben am Beräich vun de Konzessiounen an de Permissiounen ze iwwerhuelen hätt.

D'Konzessioune woren am Beräich vun der Regierung, an d'Permissioune sinn an de meeschte Fäll vun der onofhängeger Kommissioun vun der Radiodiffusioun verdeelt ginn. Et muss awer ënnerstrach ginn, dass d'Surveillance vun de Programmen entweder duerch déi zitéiert Kommissioun oder vum Minister mat Hëllef vun dem nationale Rot fir d'Programme geschitt ass.

An de Joren 2002 bis 2005 koum et dann zu weiderere Konsultatiounen iwwer eis Mediëlandschaft an et huet sech erausgeschielt, dass nach weider Ännerungen ubruecht wieren. Et goung ëm d'Responsabilitéit vu Programmen, déi aus eisem Land an d'Nopeschlänner iwwert de Wee vun Antenne geschéckt goufen. Duerch d'Aféierung vun enger Regulatiounsinstanz sollten déi néideg Amenden am Fall vun Infractiounen ausgesprach kënne ginn.

De 26. November 2008 huet déi deemoleg Regierung e Gesetzestext mat der Nummer 5959 déposéiert. A mat deem Gesetz sollt dunn d'Gesetz vum 27. Juli 1991 eng weider Kéier adaptéiert ginn. De But vun där Modifikatioun sollt d'Ëmsetzung vun der europäescher Direktiv vum 11. Dezember 2007, bekannt ënnert dem Numm „Services de médias audiovisuels", sinn. Awer duerch eng Rei vun Opposition-formellen am Avis vum Statsrot mat Datum vum 6. Oktober 2009 huet d'Regierung gemengt, et wier besser, d'Gesetz zréckzezéien, fir keng weider Zäit ze verléieren.

Et koum dunn zur Opspléckung vum Gesetzestext.

Deen éischten Deel, d'Ëmsetzung vun der ugeschwater europäescher Direktiv, behandele mir haut.

Deen zweeten Deel, d'Reform vun dem Iwwerwaachungssystem an de Sanktiounen, wëllt d'Regierung an engem weidere Gesetzestext duerchféieren.

Dee virleiende Gesetzesprojet ass de 4. Juni vun dësem Joer vum Minister fir d'Kommunikatiounen an der Chamber dé-

poséiert ginn. Den 12. Juli ass de Gesetzesprojet an den 23. September den Avis vum Statsrot mat Datum vum 16. Juli consultéiert ginn. Well nach e weideren Avis vum Conseil d'État nogereecht gouf, ass deen an der Kommissioun de 26. Oktober dëst Joer verschafft ginn, an de Rapport konnt dunn den 8. November ugeholl ginn.

Wat elo d'Transpositioun vun der europäescher Direktiv ubelaangt, esou wëll ech hei - ech kann dee ganze Rapport net zitéieren - nëmmen déi wichtegst Elementer eraushiewen. D'Direktiv mécht opmierksam, dass de Begrëff „Programm" nëmmen als en Element aus engem Katalog, deen en Ubidder vun engem Service de médias audiovisuels ubitt, behandelt gëtt. An dem aktuelle Gesetz, dat mir haut da reforméieren, steet de Begrëff „Programm" awer fir en Ensembel vun Elementer.

An der Zukunft gëtt ënner anerem vun dem „Service de médias audiovisuels ou sonores", dem „Service de télévision" an dem „Service de radio" geschwat. Mir splécken dat Ganzt also an e puer Elementer op. An dat bréngt mat sech, dass vun elo un nëmmen nach „Fournisseurs de services de médias audiovisuels" existéieren, zum Beispill den „Fournisseur de services de télévision".

E weidere Punkt stellt den Ënnerscheed tëschent dem Ubidder vun einfachen Televisiounssendungen an dem Ubidder vun engem neien Outil, der „Télévision sur demande", duer.

Am éischte Fall entscheet den Éditeur vun der Televisioun, wat fir eng Sendung ugebuede gëtt. En huet also d'Kontroll doriwwer. Den zweete Fall décidéiert de Konsument awer aus engem Katalog, wat hie wëllt gesinn. A well den technesche Fortschrëtt net an der Mediëwelt ophält, ass och d'Definitioun vun dem verkabelte Réseau ëm d'Komponent vum IPTV vergréissert ginn. Dobäi steet IPTV fir den „Internet Protocol Television".

Wat elo déi europäesch Regel am Kontext mat de Servicer fir déi audiovisuel Medien ubelaangt, esou suivéiert de virleiende Gesetzestext déi europäesch Direktiv ganz genau. Als Definitioun ass festgehale ginn, dass déi Servicer fir déi audiovisuel Medië vun enger Entreprise ausginn, déi als Ubidder ënner hirer Responsabilitéit de Public informéiert, ënnerhält oder éduquéiert. Et gëtt och drop higewisen, dass d'Entreprisen aus dem Mediëberäich hei am Land net méi schlecht behandelt dierfe ginn, wéi hir Konkurrenten am europäeschen Ëmfeld.

Déi europäesch Direktiv encouragéiert duerfir d'Kooperatioun tëschent den nationalen Autoritéiten, a besonnesch am Fall, wou an engem État membre d'Fournisseure Sendungen ausstrahlen, déi fir en aneren État membre bestëmmt sinn. Et gëtt drop higewisen, dass een État membre géint de Fournisseur vu Sendungen an engem État membre Mesuren ergräifen dierf am Fall, wou dës Sendunge seng Populatioun touchéieren.

Dat gëllt awer strikt nëmmen dann, wann de Fournisseur a sengem État membre, dem Empfängerland vu Sendungen, fortgaangen ass, fir do d'Regelen ze ëmgoen. Dës Dispositioun ass awer net an d'Gesetz ageschriwwe ginn, well eist Land en offenen Himmel wëllt hunn. Doriwwer eraus gouf dat schonn am Gesetz vum 27. Juli am Joer 1991, also scho wäit viraus, geregelt.

Dee wichtegste Punkt an der Modifikatioun vun deem virleiende Gesetzestext ass d'Ëmsetzung vum Paragraph 4 am Artikel 2 vun der europäescher Direktiv. Hei gëtt den État membre determinéiert, dee kompetent ass fir de Fall, dass Servicer aus engem Drëttland kommen, mä déi awer iwwer e Satellit aus engem État membre vun der Unioun diffuséiert ginn.

Well et vill audiovisuel Servicer gëtt, déi déi lëtzebuergesch Satellitecapacitéite benotzen - mir kennen dat -, kënnt dësem Paragraph eng grouss Bedeitung zou. Dës Modifikatioun dréit derzou bäi, dass d'Zuel vun de Fäll, wou Lëtzebuerg eng Juridictioun op déi iwwerdroen audiovisuel Servicer aus Drëttlänner hätt, reduzéiert gëtt.

Et soll awer vermierkt ginn, dass déi lëtzebuergesch Satellite bal nëmme Servicer iwwerdroen, wou de Fournisseur säi Sëtz an engem État membre vun dem europäeschen Espace économique huet. An dee Stat huet d'Flicht, déi diffuséiert Servicer jo richteg ze kontrolléieren. Dat bréngt domat eng grouss Erliichterung fir eis Autoritéiten.

Niewent der Ëmsetzung vun der europäescher Direktiv iwwerhëlt de virleiende Gesetzestext och nach e puer Elementer aus dem Gesetzestext 5959, wou ech gesot hat, deen zréckgezu ginn ass.

Am Artikel 16 vum Gesetz vum 27. Juli am Joer 1991 gëtt bäigesat, dass déi onofhängeg Radiokommissioun déi Frequenzen, déi fir déi Radiossendere mat klenger Leeschtung reservéiert sinn, méi effikass géréiere kann. Am Paragraph 2 vum Artikel 18 vun deemselwechte Gesetz ginn déi deemools festgehale Restriktioune mat Bléck op déi finanziell Participatioun an de Radioen ofgeschaaft.

De Statsrot hat a sengem Avis awer d'Ursaache vun dësem Schrëtt hannerfrot. An der Chamberskommissioun ass du matgedeelt ginn, dass déi Restriktioune bei der Grënnung vun de véier Radioe wuel eng wichteg Roll gespillt hunn. Am Laf vun de Joren ass awer festgestallt ginn, dass déi sech kontraproduktiv ausgebilt hunn. Zum Beispill kann een Associé seng Parten net un en aneren Associé, dee selwer schonn d'Limite vu 25% erreecht huet, verkafen. Hie muss duerfir een aneren Investisseur sichen; wat an deene meeschte Fäll net einfach ass.

Wann dann eng Augmentation de capital an der Gesellschaft duerchgefouert soll ginn, da kënnen déi Aktionären, déi d'Limite vu 25% erreecht hunn, nëmme proportionell dorun deelhuelen. Wann zum Beispill ee vun den Associéen net un der Augmentation de capital deelhuele wëllt, da muss en aneren Associé, deen nach keng 25% huet, sech erabréngen. Am anere Fall kann dës Augmentation de capital net duerchgefouert ginn. Domat kënnt et dann zu Schwieregkeeten am Betrib.

Déi Dispositioune, déi am Joer 1991 schonn deemools zréckbehale goufen, kann een deemno haut a Fro stellen. Deemools sollt et zu engem Pluralismus an der Radioslandschaft kommen. Mir hunn awer festgestallt, dass een Associé mat enger Participatioun vu 25% de Contrôle iwwert d'Radiossendungen an hir Qualitéit kann exercéieren, wann hien op e puer Kolleegen um Dësch ziele kann.

Am Paragraph 2 vum Artikel 18 gëtt nach e weidere Punkt verbessert. Bis elo konnt keen eng Gesellschaft drun hënneren, an dat iwwer Filialen, eng méi héich Participatioun an enger bestëmmter Radiosgesellschaft ze huelen. Esou kann et virkommen, dass ee Radiossender mat enger héijer Sendeleeschtung och an de regionale Sendere bis zu 25% vertrueden ass an do souguer d'Politik bestëmme kéint.

En fin de compte, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, ass an der Chamberskommissioun festgehale ginn, dass déi Restriktiounen, déi am deemolege Gesetzestext ageschriwwe waren, hirer Roll haut net méi nokommen.

Nach e puer Wierder zu de Modifikatiounen, déi un d'Evolutioun vun den Telekommunikatiounsberäicher gebonne sinn. Am Gesetz vum 30. Mee 2005 ass d'Ëmsetzung vum éischte „Paquet Telecom" an de Mëttelpunkt geréckelt ginn. Domat war dee legale Kader vun der Verdeelung vu Lizenze geschaf ginn, duerch deen en aval déi eenzel Radiosfrequenze benotzt goufen.

Am Gesetz vum 27. Juli 1991 war d'Verdeelung vu Permissiounen a Konzessiounen, fir Radios- oder Televisiounsfrequenzen ze notzen, virgesinn. Am Artikel 5 vun deem Gesetz war festgehale ginn, dass den eenzelne Bénéficiairen duerch dës Verdeelung och d'„autorisation d'émettre" accordéiert gouf. Am Artikel 5 vun deem virleiende Gesetzestext gëtt elo festgehalen, dass déi „autorisation d'émettre" duerch den Term „licences accordées" ersat gëtt.

Déi Frequenzen, déi am Règlement granddukal am Zesummenhang mat dem Artikel 4 vum Gesetz vum 27. Juli 1991 virgesi waren, verbleiwe weiderhin an den deemools festgehalene Prozeduren. Mä déi Frequenzen, déi deemools net ageschriwwe goufen, kënnen haut verdeelt ginn, an dat opgrond vum Artikel 3 aus dem Gesetz vum 30. Mee 2005.

De leschte Punkt aus dem Gesetz vum 27. Juli 1991 traitéiert nach de Radio socioculturel. Elo soll am Artikel 14 „une ou des fréquences" ageschriwwe ginn. Domat soll dann dem Radio déi Méiglechkeet ageriicht ginn, fir eng zweet Frequenz ze kréien, fir esou seng Sendungen duerch d'ganzt Land op all Plazen ze bréngen.

Am Artikel 16 vum Gesetz vum 27. Juli 1991 ginn nach zwee nei Paragraphen derbäigesat. Den éischte behandelt de Fall, wou e lokale Sender mat senger Frequenz net seng ganz Lokalitéit ofdecke kann. Do kann him dann, vun der onofhängeger Kommissioun, eng nei Frequenz aus dem virleiende Frequenzspektrum zougedeelt ginn. Deen zweete Fall handelt dervun, wou e Radiossender mat senger oder senge Frequenzen net d'ganzt Land ofdecke kann. Do kann déi onofhängeg Kommissioun déi bestehend Frequenz ersetzen oder souguer eng aus dem Frequenzspektrum zoudeelen.

Ouni op all d'Detailer vum modifizéierte Gesetz anzegoen - ech verweisen duerfir op de schréftleche Rapport -, wëll ech nach den Artikel 40, deen den Artikel 20 aus dem Gesetz aus dem Joer 1991 behandelt, ervirhiewen. Et ginn am Artikel 28ter, dat ass en neien, déi „droits d'accès" vun Extraiten aus Sendungen iwwer gréisser Evenementer behandelt. Wichteg ass, dass déi Extraiten net méi wéi 90 Sekonnen daueren däerfen. Déi Dauer kann iwwer e Règlement grand-ducal geännert ginn. An deem kann eng maximal Dauer fir d'Diffusioun awer festgeluecht ginn.

Am Avis vum Statsrot ass ënnerstrach ginn, dass en aval vun der Promulgatioun vun dësem Gesetz, dat mer haut stëmme wäerten, een Texte coordonné am Mémorial publizéiert soll ginn.

No dësen dach villen techneschen Ausféierungen wëll ech Iech da Merci soe fir d'Nolauschteren. No mir schwätzt nach mäi Kolleeg Lucien Thiel do derzou.

Merci villmools!

M. le Président.- Merci dem Här Rapporteur Marcel Oberweis. Als éischte Riedner ass effektiv den honorabelen Här Lucien Thiel agedroen. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Lucien Thiel *(CSV)*.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, dee Gesetzesprojet, deen eis de Kolleeg Marcel Oberweis a senger gewinnt magistraler Akribie elo virgestallt huet, ass eigentlech schonn - wéi hie gesot huet - den zweeten Ulaf, fir dat Gesetz vun 1991, mat deem d'Direktiv iwwert d'„télévision sans frontières" sengerzäit ëmgesat gouf, ze aktualiséieren an den Zäitëmstänn, déi jo grad an dësem Beräich zimlech séier evoluéieren, Rechnung ze droen.

Schliesslech dréit et sech hei ëm eng Matière, déi grad vun eisem Land net op d'liicht Schëller geholl däerf ginn, well mir als Televisiouns- a Satellitestanduert jo e ganz besonneschen Interessi un deem audiovisuelle Sujet mussen hunn. Duerfir hat d'Regierung scho virun zwee Joer de Projet de loi 5959 op de Wee geschéckt, mat deem d'Gesetz vun 1991 ofgeännert a virun allem där besonnescher Responsabilitéit vu Lëtzebuerg als internationalem „TV-hub" Rechnung gedroe sollt ginn.

Mä well entre-temps eng nei Direktiv, dës Kéier iwwert d'Services des médias audiovisuels op hirem Dësch gelant war, gouf dee Projet zréckgezunn an duerch en neien ersat, an deen d'Direktiv agebaut ginn ass an iwwert dee mir haut ze befannen hunn. En zweeten Text - de Marcel Oberweis huet drop higewisen - soll nach spéider nokommen, fir déi aner Aspekter vum ale Gesetz ze adaptéieren.

Ee vun de relevante Punkten an dësem Gesetzesprojet huet awer näischt direkt mat där Direktiv vum Dezember 2007 ze dinn, mä mat enger Fro, déi och schonns an där éischter Versioun vum Projet op d'Tapéit komm war. Et handelt sech ëm d'Ophiewe vun där Klausel, déi et am ale Gesetz den eenzelnen Aktionäre vun de sougenannte Réseau-Radioen ënnersot hat, méi wéi 25% Participatioun bei esou engem Radiosbedreiwer ze hunn. Just zur Erënnerung: Am 1991er Gesetz war ënner anerem och d'Dier fir zousätzlech Radioen - nieft RTL an deem dunn och gegrënntenen 100,7 - opgemaach ginn, wat dann zur Folleg hat, datt eng Rëtsch vun neie Sender gegrënnt gi sinn, déi säithier eis Mediëlandschaft méi oder manner beräicheren.

Da kann ee sech natierlech froen, firwat déi Klausel, op déi deemools esou insistéiert gouf, elo op eemol net méi gëlle soll. Entweder gouf se deemools als onverzichtbare Garant fir de Meenungspluralismus ugesinn - an da misst dat och nach haut de Fall sinn -, oder awer et war sech eppes vun där Restriktioun erwaart ginn, dat sech nodréiglech als iwwerflëssig oder souguer als illusoresch erausgestallt huet, esou datt een haut ouni Weideres drop verzichte kann.

Well de Radio an d'Televisioun, am contraire zu de Printmedien, op Sendefrequenzen ugewise sinn, iwwert déi d'Länner d'Souveränitéit hunn, hat de Stat ëmmer iergendwéi den Domm op den audiovisuelle Medien a konnt dëse Beräich iwwert de Wee vu Konzessiounen an der Gitt halen. Well awer d'Liberaliséierung der staatlecher Tutelle en Enn gemaach huet, gouf deemools drop gehal, datt dës Mediëspart op d'mannst gesetzlech encadréiert sollt ginn, a sief et och nëmmen, fir dee sougenannte Pluralismus ze garantéieren, wéinst deem jo och gutt 15 Joer virdrun, an de 70er Joren, d'Pressehëllef fir d'geschriwwe Press agefouert gi war.

Et sollt sech allerdéngs erausstellen, datt déi Gefor vun enger geféierlecher Konzentratioun, wann net souguer enger Monopoliséierung vun der Radios- an Televisiounslandschaft, déi deemools de Législateur ëmgedriwwen hat, a Wierklechkeet net gi war, an domat déi Aschränkung vun der 25%-Klausel eigentlech iwwerflëssig war.

Op där anerer Säit hat sech awer ganz séier erausgestallt, datt dës Aktionariatsbegrenzung en ekonomesche Klompfouss duergestallt huet, deen d'Entwécklung vun deene betreffende Radioe gehënnert huet. D'Aktionären haten d'Hänn gebonnen, si goufen an all méiglech Allianzen an Tours de table gezwongen, déi de Radioen näischt bruecht hunn, déi awer op där anerer Säit eng rationell a wirtschaftlech sënnvoll Gestioun gestéiert oder souguer onméiglech gemaach hunn. Sou koum et dann, datt - 25%-Limite hin oder hier - déi Ëmstrukturéierunge sech am Aktionariat vun de Radioe gemaach hunn, déi sech aus wirtschaftleche Grënn opgedrängt hunn, ouni datt duerfir dann den Équiliber an der Radioslandschaft nohalteg gestéiert gi wier.

Wat elo geschitt, oder wat elo geschéie soll, nämlech d'Ofschafe vun der 25%-Klausel, bedeit deemno soss näischt, wéi datt der Realitéit elo Rechnung gedroe gëtt an déi Steng aus dem Wee geraumt ginn, déi bei vläicht nach ustoende Restrukturéierungen hënnere géifen. Mä dat wëllt nach laang net heeschen, datt domat de Pressepluralismus a Fro gestallt wier, och wann dee bei den audiovisuelle Medien net esou kloer ofgeséchert ze si schéngt wéi bei de Printmedien.

Déi Zeitungen an déi Zäitschréften, déi sech der Informatioun am breede Sënn verschriwwen hunn, gi bei eis, an net nëmme bei eis, vum Stat subsidiéiert, fir datt de Meenungsspektrum erhale bleift, dee bei eiser geschriwwener Press e ganz anert Gewiicht huet wéi bei den neie Medien. Ëmmerhi gutt aacht Milliounen Euro ass déi Meenungsvillfalt eisem Stat hautdësdags all Joer wäert.

Deemools - dat war 1977, wann ech mech gutt erënneren - housch et zu Recht, e schlecht informéiert Vollek versteet schlecht, jugéiert schlecht an décidéiert schlecht. An duerfir gouf dunn déi Pressehëllef agefouert, déi et nach haut gëtt an ouni déi eis Presselandschaft ganz bestëmmt wesentlech méi eesäiteg a méi monoton wier, wéi se et ass.

Mä och fir de Printberäich ass d'Welt säithier net stoe bliwwen. Kierzlech hu sech op engem Symposium am CNA zu Didde-

leng d'Experte mat der Fro auserneegesat, wéi et mat den Zeitunge weidergeet, wa sech ëmmer méi iwwert den Internet informéiert gëtt, an nei Instrumenter op de Maart drängen, déi riskéieren, d'Zeitungen um Pabeier iwwerflësseg ze maachen.

Och wa feststoen dierft, datt d'iPhonen an d'iPaden, a wéi se och all heeschen, kuerzfristeg d'Zeitunge gradesou wéineg erstécke wäerten, wéi d'Radioen an d'Televisioun d'geschriwwe Press ewechgedréckt kruten, muss een awer esou realistesch sinn, fir unzëerkennen, datt d'Informatiounsgewan ëmmer méi enk fir déi traditionell Medië gëtt. Vläicht wäert et nach e Strapp daueren, bis datt d'elektronesch Tabletten d'Zeitungen total ofgeléist wäerten hunn, well si ganz einfach méi bëlleg a méi séier wéi de Pabeier sinn. Mä d'geschriwwe Press kënnt net derlaanscht, sech mat där Entwécklung auserneenzesetzen an op déi nei Instrumenter ëmzesiedelen.

Déi traditionell Pabeiermedien hu jo scho bewisen, datt si verstanen hunn, wat d'Stonn geschloen huet a wat do op si zoukënnt, well si ouni laang ze zécken op den Zuch gespronge sinn. Haut kann een eis Zeitunge schonn op sengem iPad oder -firwat net - och op sengem Handy liesen. A wa mir, wéi mir all hei sinn, och nach um Pabeier hänken, wäerten déi nächst Generatiounen, déi souwisou mat Écranen an Xboxen an esou weider opgewuess sinn, wuel net méi deeselwechten nostalgesche Bezoch zum Pabeier hu wéi mir.

Mä wat huet dat elo alles mat eisem Sujet vun haut ze dinn? Ech mengen awer vill! Wat nämlech den Transport vun der Informatioun méi einfach, méi séier an domadder och méi bëlleg gëtt, wat d'Ugebuet un Informatioun méi grouss an d'Versuergung vum eenzelne Bierger méi voluminéis, méi variéiert a méi intensiv gëtt, wéi mer et dëser Deeg jo erëm mat deene pikante Révélatiounen aus dem amerikaneschen „State Department" virgefouert kruten.

Eng nach méi breet Informatioun dank deenen neien Instrumenter kann eigentlech keng schlecht Saach sinn, oder? Dat Eenzegt, wourop allerdéngs nach méi misst gëuecht ginn, ass, datt d'Informatioun an domat d'Meenungsbildung bei de Leit net an d'Manipulatioun ofrutscht, well eenzel Pressemogule sech de Maart ënnert den Nol räissen. Et ass um Stat duerfir, fir derfir ze suergen, datt et net zu iwwerméissege Pressekonzentratiounen oder souguer zu Monopoler kënnt, wat nëmmen doduerch ze verhënneren ass, datt d'Konkurrenz voll a ganz spille gelooss gëtt. Ech kéint mir virstellen, datt grad déi Iwwerleeung och bei dësem Gesetz a besonnesch bei der Ofschafung vun der 25%-Klausel matgespillt huet.

Här President, d'Viraussetzunge fir esou eng Iwwerwaachung sinn erfëllt, och bei eis, well mir hei Kontrollorganer hunn, déi am Eeschtfall agräife kënnen, wa si dann iwwert déi néideg Kompetenzen a Moyenë verfügen. Si sinn net ëmmer där Meenung; si mengen, si missten do nach e bësse gestäerkt ginn. Mä zu esou engem Agrëff an d'Medië muss et emol guer net kommen. Et muss guer net derzou kommen, wann d'Press sech hirer wichteger a verantwortungsvoller Roll richteg bewosst gëtt - oder ass - an hir Missioun entspriechend ugeet. A wa si net vergësst, datt hir Zukunft an alleréischter Linn vun hir selwer ofhänkt: Ech menge vun der Qualitéit vun hirer Aarbecht.

Fir de Rescht gesäit d'CSV-Fraktioun an dësem Gesetz e ganz sënnvolle Schrëtt an engem net ze ënnerschätzende Gesellschaftsthema an huet duerfir och kee Problem dermat, fir him zouzestëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Thiel. Als nächste Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt fir d'Éischt och dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Bericht.

Här President, d'Ëmsetze vun der Direktiv iwwert d'Médias audiovisuels ass net onwichteg fir e Land wéi Lëtzebuerg, dat als Mediëstanduert schlechthin an Europa gëllt. Dëse Mediëstanduert ass iwwert d'Jore gewuess, a Lëtzebuerg war vun Ufank u beméit, e flexibele Kader ze schafen, fir dëse Mediëstanduert auszebauen. Duerch dës Flexibilitéit konnt een am europäeschen Ëmfeld dann e Secteur hunn, dee regelméisseg gewuess ass, mat Aarbechtsplazen an och mat enger Rei Recetten, an dee Standuert ass och geprägt vun engem Haaptacteur - Dir wësst et alleguerten: vun RTL.

Erlaabt mer, just kuerz op d'Entstehungsgeschicht vun dësem wichtegen Acteur zu Lëtzebuerg anzegoen. Den honorabele Rapporteur hat scho kuerz verschidden Akzenter oder verschidden Elementer hei och a sengem mëndleche Rapport duerbruecht. En huet vum Pilo Fonck a vun anere Leit geschwat. A sengem schrëftleche Bericht, do ass en awer e bësse méi wäit no hanne gaangen an do huet en och den historesche Kader ugeschwat.

En huet am Rapport gesot, datt mam Gesetz vun 1929 Lëtzebuerg zu engem Pionéier am Beräich Privatradio gouf. Dat wéilt ech awer e bëssen nuancéieren. Et gouf nämlech scho virun 1929 eng ganz Rei privat a kommerziell Radiosstatiounen, haaptsächlech an Europa, notamment a Frankräich. A well d'Radioslandschaften awer Enn den 20er Joren ëmmer méi verstaatlecht goufen, a kommerziell Senderen, déi och deemools scho vu Reklamme gelieft hunn, verbuede goufen, hunn eng Rei Investisseuren, déi un esou Sendere bedeelegt waren, hire Bléck dunn op eist Land geworf. Firwat op eist Land? Well bei eis deemools, also virun 1929, e Vide juridique bestanen huet an deemools nach villes hei erlaabt war.

Et muss een awer soen, datt d'Lëtzebuerger Autoritéiten allerdéngs schnell d'Saach an d'Hand geholl hunn a légiféréiert hunn, ebe mam Gesetz vum 19. Dezember 1929. De Stat huet dunn enger Privatentreprise bestehend aus franséischen Investisseuren - der SLER, spéider CLR - e Sendemonopol erdeelt, an de kommerzielle Sender, deen dunn entstanen ass, de Radio Lëtzebuerg, deen ass a groussen Deeler vun Europa diffuséiert ginn. En huet net nëmmen e Service public assuréiert, mä de Stat huet em eben och erlaabt, vun de Recetten ze profitéieren an eben och am Ausland ze senden.

Et kéint een eigentlech soen, datt dat esou eng Aart „public private partnership" avant la lettre war, wéi mer wëssen, déi jo och dann e groussen Erfolleg hat, wou awer och déi oppen Approche vum Lëtzebuerger Stat oder vum Lëtzebuerger Sender derzou bäigedroen huet.

De lëtzebuergesche Sender konnt europawäit ausgestrahlt ginn, a verschidden Empfaangslänner, zum Beispill Groussbritannien, wou jo d'BBC de Monopol haten, déi waren net ëmmer ganz frou doriwwer.

Dëse kuerzen historeschen Exkurs, fir ze illustréieren, datt d'Problematik vun de Bezéiungen tëschent Empfängerland a Senderstanduert keng nei ass, déi awer elo hei an dëser Direktiv da soll e bësse méi nach regléiert ginn. Et muss een awer soen, datt och haut den Aspekt, wann een iwwert d'Medië schwätzt, ëmmer manner, zwar och nach de Radio betrëfft, mä ëmmer méi déi visuell Medië betrëfft, wou dann de Fernseh am Vierdergrond steet.

Wéi gesot, bei dëser Direktiv, do geet et och ëm de Prinzip vum Pays d'origine par rapport zu deem Pays, wou ee seet, wou dann de Sender empfaange gëtt, an d'Kommissioun plädéiert, fir datt hei d'Memberlänner ënner sech - wéi se dat nennen - kooperéieren. Dat heescht, et bleift och ganz vill Fräiraum. Meng Fraktioun kann deem Prinzip am Fong geholl zoustëmmen, well d'Direktiv gëtt doduerjer och nëmme minimal an d'Lëtzebuerger Recht transposéiert. Et ass eben évitéiert ginn, fir méi strikt Regele virzegesinn, ech mengen, dat virun allem och am Intérêt vun der Kompetitivitéit vun eisem Site.

Sou seet d'Direktiv zum Beispill, d'Zesummenaarbecht tëschent den nationalen Autoritéite soll encouragéiert ginn, awer ouni Obligation de résultat. D'Fournisseurs de services, dat heescht also d'Senderen, sollen „éventuellement" méi strikt Regelen am Empfängerland bëuechten. Och hei keng Obligatioun. An d'Kooperatioun, wa se da gewënscht ass, soll um Niveau vun de Memberstate stattfannen, an d'Privatentreprisë sollen also wäitestméiglech a Rou gelooss ginn.

D'Responsabilitéit vu Lëtzebuerg a puncto Iwwerwaachung vun de Programmer, déi ënner lëtzebuergescher Lizenz an d'Ausland diffuséiert ginn, an eventuell Sanktiounen, déi musse geholl ginn, solle mer awer trotzdeem net op d'liicht Schëller huelen. Et schéngt evident, an dat ass dat hei: Eisen Iwwerwaachungssystem muss renforcéiert ginn; haaptsächlech op essenzielle Punkte wéi deem vum Respekt vu legalen a reglementären Dispositiounen, awer och deontologesche Froen.

Ech wëll an deem Kontext och un den - fir dat e bëssen ze bebilleren - Litige tëschent der RTL-TVI, also an der Belsch, an dem belsche Conseil supérieur de l'audiovisuel erënneren. Den CSA huet dem Sender, also RTL-TVI, 2006 eng Strof vu 500.000 Euro, also enger hallwer Millioun, operluecht, well RTL-TVI d'Sendeautorisatioun vum belschen CSA net ugefrot hat. Dëst huet dunn den RTL-Grupp contestéiert mam Argument, hir Lëtzebuerger Autorisatioun géif jo duergoen an d'Politique éditoriale géif zu Lëtzebuerg ausgeschafft ginn.

De belsche Statsrot huet dem Grupp dunn och Recht ginn a sech notamment op d'Libre circulation vun de Servicer innerhalb vun der EU baséiert. Dat heescht, datt et kloer un de Lëtzebuerger Instanzen ass, datt si also och dann dee Sender musse kontrolléieren.

Et kann ee sech also och an dësem Kontext froen, firwat RTL-TVI léiwer vun de Lëtzebuerger kontrolléiert gëtt wéi vun de Belsch, un déi sech jo awer am Endeffekt haaptsächlech d'Programmer riichten.

Et muss ee wëssen, datt de Sender an der Vergaangenheet déi eng oder déi aner Kéier vum belschen CSA op d'Fangere geklappt krut. Duerfir erwaart e sech vläicht vun de Lëtzebuerger Autoritéiten eng manner streng Kontroll oder Handhab.

A mir wëssen, ronn, ech mengen, also d'Lëtzebuerger, et si ronn 39 Televisiouns-Chaînen an 32 Radiossenderen, déi vum RTL-Grupp ënner Lëtzebuerger Lizenz diffuséiert ginn, an am Prinzip misste se also och alleguer déi Senderen, souwuel Fernseh wéi Radio, iwwerwaachen a kucken, datt do och net ze vill komesch Saachen diffuséiert ginn.

Dobäi dierf een dann och net vergiessen, datt dann hei zu Lëtzebuerg och nach déi national a lokal ausgestrahlte Sendere sinn. Duerfir musse mer einfach och awer d'Kontrollorganer an de Système de surveillance esou professionaliséieren, datt déi och kënnen hir Aarbecht maachen.

Do bedauert d'DP, grad wéi och d'Chambre de Commerce an hirem Avis, och de Statsrot, datt d'Reform vun den Iwwerwaachungsinstanzen net mat an dëse Projet de loi agebaut gouf an op spéider vertaagt gouf. Well Lëtzebuerg, ënnert deem senger Lizenz eng Rei Senderen eben am Ausland diffuséieren, däerf sech senger Responsabilitéit hei net entzéien an de Senderen egal wat duerchgoe loossen. Lëtzebuerg muss derfir suergen, datt awer minimal Regele respektéiert ginn, soss riskéiert een à long terme, datt et dem Mediëstanduert och e bësse kéint goe wéi der Bankeplaz, an datt mer en Image-Problem kéinte kréien.

Konkret muss een eben och soen, wann ech dauernd hei vun Iwwerwaachungs-Mechanisme schwätzen, datt et hei ënner anerem och ëm den CNP, d'Commission nationale des Programmes, geet. Mir haten dee jo och an der Kommissioun empfaang, an et ass festgestallt ginn, datt eng Diskrepanz ass, am Fong geholl, tëschent den Aufgabe vum CNP an de Moyenen, déi se hunn. Ech hu virdru vun deene sélleche Fernseh- a Radiosprogramme geschwat, déi se eigentlech missten iwwerwaachen, déi a ganz Europa ausgestrahlt ginn, an et ass eigentlech och esou ze bedaueren, datt elo hei an dësem Projet de loi dat net mat agebonne ginn ass, datt hei och keng finanziell a personell Onofhängegkeet geschaf ginn ass vis-à-vis vun de Senderen.

Här President, ech wéilt zum Schluss nach zwou, dräi méi spezifesch Remarquë maachen. D'Direktiv, déi gesäit vir, datt en Empfängerland Moossnamen ergräife ka géint e Sender, deen aus engem anere Land diffuséiert. Et kéint een also mengen, do wier eis Positioun, oder den RTL-Grupp kéint do dann awer Schwieregkeete kréien.

Mä wann een eben dat kuckt, dat Beispill vun RTL-TVI, da brauch ee sech awer net vill Suergen ze maachen, well d'Direktiv gesäit och elo vir, datt sech dëst net fir Senderen applizéiert, déi historesch an engem anere Memberstat etabléiert sinn. An et kann ee jo awer wierklech dovunner ausgoen, ech hat am Ufank e bëssen den Historique gemaach, datt dat „historesch etabléiert" sech op déi bestehend Sender hei zu Lëtzebuerg, déi ënner Lëtzebuerger Lizenz ausgestrahlt ginn, applizéiert.

Et kann een och d'accord si mat där neier Dispositioun betreffend d'Ophiewe vun der 25%-Klausel vum Aktionariat.

Ech wéilt awer zum Schluss och nach méi eng spezifesch Fro un de Minister stellen. Dat ass mer opgefall am Text, wéi ech deen nach eng Kéier iwwerlies hunn. Do schéngt et esou ze sinn, datt, oder do hunn ech dann och an iergendenger Note, déi e Mataarbechter mer ginn hat, gelies, datt de PDG vum RTL-Grupp viru kuerzem annoncéiert hätt, datt an Zukunft gekuckt géif ginn, datt d'Fournisseurs de services, also d'Senderen, elo vun de Câblo-opérateure solle rémunéréiert ginn, amplaz, wéi et elo nach meeschtens de Fall ass, ëmgedréit. Do wéilt ech froen, wéi de Minister dozou steet a wéi eng Konsequenzen dat eventuell am Endeffekt fir de Verbraucher hätt.

Ech mengen, et kéint een natierlech elo och nach weiderfueren a méi eng allgemeng Diskussioun féieren iwwerhaapt iwwert d'Valeur, iwwert d'Wichtegkeet vun Televisioun a Fernseh par rapport zum Internet. Et ass kloer, mäi Virriedner huet dat och kuerz ugesprach, datt ëmmer méi Informatiounen iwwert den Internet verbreet ginn, d'Leit sech och ëmmer méi iwwert den Internet informéieren. Ech wëll awer net weider op déi Diskussioun agoen, mä dat wäert awer sécherlech och an Zukunft eng Erausfuerderung sinn, sécherlech fir all Mediëstanduert.

Ech wéilt also awer den Accord vu menger Fraktioun hei zu dësem Projet de loi abréngen, an ech wéilt awer och drop insistéieren, datt de Corollaire zu dësem Gesetz, nämlech eng effizient Kontroll, och muss schnellstens per Gesetz an d'Wee geleet ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Berger. Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, den Här Rapporteur, dee war esou komplett an esou ausféierlech, dass ech em just hei kann natierlech Merci soen a net weider nach op Eenzelheete vun deem Gesetz agoen.

Ech wollt awer zwou Remarquen an der Haaptsaach maachen. Awer éier ech déi zwou Remarquë maachen, wollt ech eigentlech eng allgemeng Remarque iwwert d'Mediëlandschaft zu Lëtzebuerg maachen.

Et gëtt jo gesot, mir wären e Mediëstanduert. Dat ass sécher eng wichteg wirtschaftlech Aktivitéit. D'Gesetz vun 1929 huet jo Lëtzebuerg iwwert d'CLT e bëssen als Freibeuter duergestallt vis-à-vis vun zum Beispill Frankräich. De franséische Statsmonopol vum Radio hu mer opgebrach mat der Laangwell vun 1929 un, an domat ass dann natierlech RTL, d'CLT eng grouss privat Gesellschaft ginn, déi dee Secteur opgebrach huet an déi natierlech och e groussen europäesche Maart brauch, wéi aner grouss Gesellschaften, fir Mediëpolitik ze maachen.

Dat war also déi Schinn vun der liberaler, oppener Mediëwelt, an déi Schinn vun der Lëtzebuerger Mediëwelt, dat war eng vu Monopol, bis 1991. Esou oppen an esou liberal d'RTL-CLT jo no baussen an Europa war, esou monopolistesch war se am Fong geholl hei zu Lëtzebuerg, well se ëmmer de Grapp wollt op d'Medien halen. An et huet jo schonn en zolitten Drock vun ënne

gebraucht, an den 80er, 90er Joren, fir dass endlech dee Monopol zu Lëtzebuerg fir de Radio opgebrach ginn ass.

Ech wollt dat trotzdeem erënneren, drun erënneren. Ech fannen dat eng interessant Attitüd. Mir sinn ëmmer dorobber op zwou Schinne gefuer, wann et ëm d'Medië gaangen ass.

Iwwert de Problem vun der Surveillance zu Lëtzebuerg sinn och de Mëtteg schonn eng Partie Saache gesot ginn. Ech wëll trotzdeem drun erënneren, Här President, dass et hei an dëser Chamber 2002 e groussen Débat ginn ass iwwer zéng Joer Mediëgesetz vun 1991, wou den heitege President jo Rapporteur war an och eng interessant Motioun virgeluecht huet. Dat war deemools eng grouss Debatt. Haut hu mer en éischter technescht Gesetz, an déi Debatt ass e bësse flaach, fannen ech, well mer eigentlech net méi déi Enjeuen hunn, déi mer 1991 haten an och 2002 ugedeit hunn.

Well d'Chamber huet an där Motioun, déi den 13. Juni 2002 ugeholl ginn ass, eng ganz Partie Demanden un d'Regierung deemools geriicht. Ech mengen, den Här Biltgen war och souguer schonn deemools Mediëminister. An et ass natierlech eng interessant Fro fir d'Chamber an och vläicht fir déi Mediëkommissioun, déi mer haut hunn, emol déi Motioun ze kucken a sech ze froen, wat da vun deene Saachen do realiséiert ginn ass.

Eng wesentlech Saach, déi, wéi gesot, schonn ugeschwat ginn ass, dat ass de Contrôle an d'Surveillance zu Lëtzebuerg selwer. Mir hu jo, nom Mediëgesetz vun 1991, dräi Instanzen, dräi Gremien, wourënner déi fir d'Surveillance vun de Programmer jo de Conseil national des Programmes ass, eigentlech e bénévolet Organ, wat aus de Forces socioculturelles vun der Gesellschaft zesummegesat gëtt. An dat Organ ass relativ, loosse mer soen, wat d'Ressources humaines ugeet a wat d'Moyenen ugeet, schlecht opgestallt.

Déi Importenz vun deem Conseil national des Programmes gëtt jo méi grouss fir Lëtzebuerg als Mediëstanduert an Europa, well dee Conseil national des Programmes kann ons do eng Kredibilitéit ginn, eng Seriositéit an der Iwwerwaachung vun deene Programmer, déi vu Lëtzebuerg aus eropgeschéckt ginn.

An där Motioun vun 2002 war jo eng Autorité de régulation proposéiert ginn, eng Aart CSA, wéi et se a Frankräich gëtt, wou iwwregens och d'Lëtzebuerger Chamber sollt mat implizéiert ginn, och bei der Nominatioun, fir eben déi öffentlech Hand vis-à-vis vun de Medien ze stäerken an och vis-à-vis vun der Regierung eng gewëssen Distanz ze kréien.

Dat ass bis elo net geschitt. Dat war jo an deem Projet 5959 ugeschwat ginn. Dat gëtt sécher keng einfach Saach, well jo déi dräi Gremien, déi mer bis elo hunn, jiddwereen eng eege Finalitéit huet. A fir déi Finalitéiten zesummen ze kréien, wäert net einfach ginn.

Mä ech mengen awer, Här President, fir deem ze follegen, wat Der deemools als Rapporteur hei an dëser Chamber gesot hutt, wär et gutt, wann ee vun der Regierung géif héieren, wéi se wëlles huet weiderzegoen, wat d'Autoritéit ugeet, déi zu Lëtzebuerg iwwert d'Medië soll d'Hand halen, natierlech fir de Pluralissem engersäits ze garantéieren, an anerersäits fir d'Seriositéit vun deem, wat vu Lëtzebuerg aus fortgeschéckt gëtt, och ze garantéieren.

Déi zweet Remarque, déi ech wollt maachen, betrëfft déi Problematik vun der Konzentratioun. Den Här Thiel ass schonn am Detail dorobber agaangen. Mir hu jo 1989 déi éischt Direktiv… Déi Direktiv, déi mer 1991 transposéiert hunn, dat war d'Direktiv Télévision sans frontières, déi jo eigentlech den europäesche Maart richteg eréischt ugefaangen huet ze organiséieren.

An et ass awer net parallell zu där Direktiv zu engem Ufank vu Mesures anti-concentration komm, well et gëtt wuel kee Beräich, deen esou ufälleg ass fir Konzentratioun, déi de Pluralissem vun de Medië kann hënneren, wéi ebe just de Mediëberäich. Well wann ee gesäit, wat sech an de leschte Jore gemaach huet, sinn ëmmer méi grouss Gruppen entstanen, wou Printmedien, audiovisuell Medien, Internet, Film, all méiglech Elementer vun dem Mediëberäich sech zesummegedoen hunn a wou et natierlech och um europäesche Plang keng Méiglechkeete gëtt, fir abusiv Konzentratiounen ze verhënneren.

Dat, wat mer am Industrieberäich hunn, gëtt et um Plang vun de Medien net, trotz enger ganzer Partie vun Efforten, déi um Europaparlament am Laf vun deene Jore gemaach gi sinn.

Hei zu Lëtzebuerg schafe mer jo elo mat dësem Gesetz déi Klausel of, dass bei deene véier Réseausradioe kee méi wéi 25% däerf hunn. D'Explikatiounen - muss ech lech éierlech soen -, déi souwuel am Exposé des motifs vum Projet de loi sti wéi och am Rapporteur sengem Exposé des motifs oder sengem Commentaire des articles, stelle mech net ganz zefridden, well et gëtt gesot, elo no 1991 huet sech eng Mediëlandschaft hei zu Lëtzebuerg gebilt.

Mir hunn elo déi véier Réseauen, déi véier Radioen am Réseau, mä wa mer natierlech elo déi 25% ewechhuelen, ka jo kee méi dru gehënnert ginn, fir lues a lues déi véier Réseausradioen ënner een Hutt ze kréien an dann dat ze maachen, wat am Fong geholl zum Beispill an Däitschland mat verschiddenen Zeitunge geschitt, wou een e puer Zeitungstitele keeft an déi puer Zeitungstitelen als eng Zeitung oder mat e puer Encartë verkeeft.

Ech war awer trotzdeem an der Kommissioun d'accord, dass mer dat sollen ewechhuelen, well ech mengen, dass haut fundamental d'Mediëlandschaft eng aner ass, well et vill méi Mëttele gëtt, fir ebe monopolistesch Tendenzen ze verhënneren. Souguer zu Lëtzebuerg, wou mer relativ dominant Medien hunn, gëtt et haut duerch verschidde Radioen, duerch Blogen, duerch Internetsiten, duerch all méiglech Mëttelen en echte Pluralismus vun de Meenungen. An ech menge schonn, dass jiddwereen net nëmme seng Meenung kann ausdrécken, mä dass e se och zur Kenntnis kann huelen, wann en dat nëmme wëllt.

Duerfir war ech domat d'accord, well ebe säit 1991 an der Mediëwelt extrem vill geschitt ass. An ech mengen net, dass mer ons Suerge musse maachen. Nach muss een en A drop halen, dass et net eng Kéier zu enger iwwerdriwwener Konzentratioun kënnt.

Dat gesot, Här President, wollt ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem éischter technesche Gesetz ginn, dat awer hoffentlech an enger relativ kuerzer Zukunft eng Suite vun der Regierung wäert kréien.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Fayot. Als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Mat dem Projet de loi 6145 ännere mer d'Gesetz vum 27. Juli 1991 iwwert déi elektronesch Medien. Dat ass noutwendeg, well mer zwou europäesch Direktive mussen ëmsetzen a well mer hei an engem Beräich sinn, wou villes evoluéiert, zum Beispill och d'Terminologie. Duerfir musse mer eis national Gesetzgebung der Evolutioun upassen. Ech deelen och dem Här Fayot seng Aschätzung, datt mer et hei wierklech mat engem éischter technesche Gesetz ze dinn hunn.

Well d'Regierung de Projet de loi 5959 vun 2008, deen zimlech ëmstridde war, ënner anerem och eng Rei formell Oppositioune vum Conseil d'Etat kritt hat, zréckgezunn huet, ginn och e puer Punkte vun dësem Projet de loi, an zwar déi, déi net ëmstridde waren, am Projet de loi 6145, dee mer haut wäerte stëmmen, iwwerholl.

De Rapporteur, deem ech hei wëll Merci soe fir seng gutt Aarbecht, huet dat schonn alles gesot. E war wéi ëmmer ganz an den Detail gaangen, esou datt ech mech kann op ee graffe Résumé beschränken a just e puer Punkten ervirhiewen.

Déi zwou europäesch Direktiven, déi an der Direktiv „Services de médias audiovisuels" verschmolz gi sinn, droen haaptsächlech der Erweiderung vun de Méiglechkeeten am audiovisuelle Beräich Rechnung, den „Médias audiovisuels à la demande".

Wat d'Terminologie betrëfft, och dat huet de Rapporteur gesot gehat: Mir haten eng aner Definitioun vun „Programme" am Lëtzebuerger Gesetz wéi an der Direktiv. Mir passen eis un. Mir halen och elo d'Begrëffer „Services de télévision", „Services de radio" an „Services de médias audiovisuels à la demande" fest a sinn domat konform zu der Direktiv.

D'Regierung huet probéiert, esou mann wéi méiglech restriktiv ze si bei der Ëmsetzung vun der Direktiv. Et geet drëm, de Mediëstanduert Lëtzebuerg ofzesécheren an auszebauen. An deem Sënn ass et och gutt oder souguer iwwerliewenswichteg fir de Mediëstanduert Lëtzebuerg, datt d'Direktiv dem Prinzip vum Pays d'origine weiderhi Rechnung dréit.

Allerdéngs encouragéiert d'Direktiv d'Zesummenaarbecht vun de Länner, zum Beispill am Fall, wou ee Sender vun engem Territoire aus Sendunge geziilt an een Nopeschland schéckt. Dat ass an eisen Aen och berechtegt, an dat weist och d'Wichtegkeet vun engem staarken onofhängege Régulateur och hei zu Lëtzebuerg op.

D'Regierung huet décidéiert, déi Fro net an dësem Projet de loi ze regelen, mä spéiderhin en eegene Gesetzesprojet op den Instanzewee ze ginn; dovu gi mer emol aus. déi gréng mengen, datt et ganz wichteg ass, ee seriöe Régulateur ze schafen. E Régulateur, dee vill Ressourcen huet, mënschlecher an och finanzieller, datt e ka professionell schaffen, an deen och d'Méiglechkeet huet, fir Sanktiounen auszeschwätzen.

Mir sinn dervun iwwerzeegt, datt esou eng Institutioun, fir Lëtzebuerg als Mediëstanduert ofzesécheren, ganz wichteg ass. An eigentlech ass et verwonnerlech, datt mir am Secteur un de Medien, dee sech esou rasant verännert, esou lues légiféréieren. Esou huet et jo bis haut gedauert, bis eng Rei Recommandatiounen, déi d'Chamber an enger Motioun am Juni 2002 - och den Här Fayot hat se ernimmt - am Uschloss un en Débat d'orientation iwwert de Bilan vum Mediëgesetz vun `91 ugeholl hat, ier do emol iwwerhaapt éischt Recommandatiounen zu iergendwelleche Konsequenze gefouert hunn.

Schonn an dëser Motioun hat d'Chamber nämlech verlaangt, datt mir een onofhängege Régulateur mat deenen néidege Moyenen a Kompetenze géife kréien. Mir mengen, datt an dësem Beräich scho vill ze vill Zäit verluer gaangen ass.

Här President, aus dem Projet de loi 5959, dee jo zréckgezu ginn ass, hu mer bäibehalen, datt mer déi Restriktiounen ofschafen, déi am Gesetz `91 iwwert d'Participatioun an de Radioe stinn. Et geet ëm de Paragraph 2 vum Artikel 18 vun dësem Gesetz. Mir hunn eis an der Kommissioun vill domat beschäftegt. Et ass och laang doriwwer diskutéiert ginn, ënner anerem och, well do op eemol eng Rei onglécklech Formulatiounen am Raum stoungen, déi mer esou net konnte stoe loossen an déi och glécklecherweis geännert gi sinn.

Et geet engersäits drëm, datt eng Personne physique ou morale net méi wéi an enger Société däerf dra sinn an och net méi wéi 25% vun de Parten an den Droits de vote an esou enger Gesellschaft däerf hunn. D'Argument, dat kéint een ofschafen, well jo haut och kee sech méi drun hält, dat kënne mer natierlech net gëlle loossen.

D'Argument, datt et schwiereg ass, ee Verwaltungsrot vun engem Radio schaffen ze loosse mat deene Contrainten, déi hei opgezielt sinn, dat huet schonn däitlech méi Gewiicht. Déi Beispiller, déi am Exposé des motifs vum Gesetz opgezielt sinn, treffe genausou gutt déi kleng Radiosstatioune wéi déi grouss. Eng weider Tatsaach ass, datt een och mat manner wéi 25% oder mat 25% schonn e ganz gewaltegen Afloss op eng Gesellschaft kann huelen.

Bleift dann nach d'Fro, ob déi Mesure, déi 1991 an d'Gesetz geschriwwe gouf, fir e gewësse Pluralismus ze garantéieren, éischtens zu deem gewënschte Pluralismus gefouert huet an zweetens haut nach noutwendeg ass. Fir eis ass et kloer, datt d'Wichtegkeet vum Pluralismus vun de Meenungen an der Presselandschaft net kann a Fro gestallt ginn.

Vun deene ville Radioen aus den 80er Jore sinn der vill verschwonnen. Lokalradioe gëtt et der nach 17, déi op d'ganzt Land verdeelt sinn an op ganz begrenztem Raum senden. Zum Beispill gëtt et de Radio vum Wëlzer Lycée, de Radio Lora zu Dikrech, Lokalradioen zu Miedernach, Reckeng, an der Gemeng Suessem..., fir der nëmme just e puer ze nennen. Da gëtt et nach déi véier Programmes de radio à réseau d'émission an déi dräi sougenannte Grouss: den 100,7, de Lëtzebuerger RTL an den DNR.

Et gëtt also nach ëmmer eng gewësse Villfalt, awer d'Entwécklung ass an eng Richtung gaangen, wou et schwéier ass, déi gréisser Radioe lassgeléist vun de verschiddene Pressehaiser ze gesinn. D'Radioen hu sech engem grousse Partner, sief et der CLT oder dem Groupe saint-paul, ugeschloss. Just de fréiere Radio „Grénge Fluesfénkelchen", dee sech zum Radio ARA entwéckelt huet, ka sech haut nach ëmmer als onofhängege fräie Radio bezeechnen, mat aller Freed an allem Leed, dat esou e Statut nun eemol mat sech brëngt.

Ech sinn als grëngen Deputéierten och esou fräi, hei op déi Pionéieraarbecht hinzeweisen, déi vun - ënner aneren - grénge Kolleegen an den 80er Joren am Beräich vun de Pirateradioe gemaach ginn ass, fir dem Monopol, deen d'CLT hei am Land zënter 1929 hat, entgéintzewierken. Datt den Erfolleg vun deene Beméiungen net ëmmer genial war, dat weist och e Bléck op déi aktuell Mediëlandschaft. Datt de Radio ARA nach ëmmer engagéiert an innovativ schafft, weist zum Beispill de Projet „Graffiti", wou mat Ënnerstëtzung vum Familljeministère Radio mat a fir Jonker gemaach gëtt.

Et ass och duerchaus ubruecht ze ënnersichen, ob den nationalen 100,7, deen zënter September 1993 sent, déi Erwaardungen, déi un hie geriicht gi sinn, erfëllt. Ass et gutt, datt eist Land just eng Televisiounschaîne huet? An anere Länner, déi net onbedéngt méi grouss si wéi Lëtzebuerg, ass de Pluralismus awer méi grouss. Wéi steet et zu Lëtzebuerg - oder wéi steet et mat Lëtzebuerg - als Produktiounsstanduert am Beräich Medien? Wéi pluralistesch ass dann dee Pluralismus vun eiser geschriwwener Press?

Och wa mir der Meenung sinn, datt dës Froen a schéiner Regelméissegkeet sollen a musse gestallt ginn, si mer allerdéngs och zu der Konklusioun komm, datt de Paragraph 2 vum Artikel 18 vum Gesetz vun 1991 keen effikasse Moyen ass, fir zu méi Pluralismus bäizedroen. Duerfir kann ech och den Accord vu menger Partei zu dësem Projet de loi ginn, a mir waarden dann elo mat Interessi op déi ugekënnegt Oprüstung vum Lëtzebuerger Régulateur am Mediëberäich.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Adam. Als leschte Riedner ass den Här Colombera agedroen. Här Colombera, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Colombera *(ADR)*.- Jo, Här President, vu dass dat heiten e ganz technescht Gesetz ass an ech näischt méi derbäizefügen hunn, wëll ech gär fir d'Éischt dem Här Marcel Oberweis Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Bericht. Mir wäerten dann als Fraktioun dat heite matstëmmen.

M. le Président.- Merci dem Här Colombera. Da kritt elo d'Wuert den Här Medien- a Kommunikatiounsminister François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre des Communications et des Médias*.- Merci, Här President. Et ass wuel en technescht Gesetz, wat mer haut maachen, déi Ëmsetzung vun der Direktiv. Et ass awer och - esou, wéi mer déi Direktiv ëmsetzen - e wichtegen Text fir de Standuert Lëtzebuerg. Grad d'Mediëlandschaft - a verschidde Virriedner hunn et scho gesot - zu Lëtzebuerg ass nach ëmmer e Wirtschaftsfacteur gewiescht, zënterdeem mer ebe scho vu virum Krich u gekuckt hunn, dass mer hei de Prinzip vum Pays d'origine héichgehalen hunn. Och dat ass ëmmer erëm hannendrun, hannert dësem Gesetz an hannert dësem Text ass dat ënnerschwelleg: de Principe du pays d'origine.

Et ass virdrun d'Fro gestallt ginn: „Jo, woufir geet dann RTL-TVI léiwer op Lëtzebuerg sech kontrolléiere loosse wéi an d'Belsch?" D'Fro fir eis als Regierung ass net, wat RTL-TVI wëllt, d'Fro fir eis als Regierung ass, wat mir wëllen. Mir wëllen, dass déi Programmer vu Lëtzebuerg aus kënnen am Ausland empfaange ginn, nom Principe du pays d'origine, fir iwwert dee Wee ze verhënneren, dass herno alles délocaliséiert gëtt, wat vu Lëtzebuerg aus komm ass.

Dat ass e wesentleche Punkt vun der Lëtzebuerger Regierung. Dofir - dat wëll ech och am Numm vu mengem Nofolger a Virgänger soen, dem Jean-Louis Schiltz, dee bei dëser Direktiv mäin Nofolger war an elo mäi Virgänger ass erëm als Telekomsminister - war e wesentlecht Element, wéi mer un där Direktiv geschafft hunn an Europa, fir effektiv ze kucken, dass mir hei de Principe du pays d'origine kënne bäibehalen a weider eise Mediëstanduert kënnen ausbauen.

Dofir och natierlech dat, wat virdrun ugeklongen ass, nämlech dass mer versicht hunn, hei esou mann restriktiv wéi méiglech ze ginn, fir ebe kënnen ze kucken, och an Zukunft attraktiv ze ginn.

Dat ass meng éischt Virbemierkung.

Fir de Rescht wëll ech eigentlech net op de Projet selwer agoen. Ech mengen, Äre Rapporteur, den Här Oberweis, huet dat alles am Detail gesot. Et sinn dräi Froe komm, op déi ech just wéilt äntwerten. Fir de Rescht, mengen ech, hätt ech dem Här Oberweis näischt bäizefügen, wat den Inhalt ubelaangt vun der Direktiv.

Dat Éischt ass déi: D'Chambre de Commerce huet gesot - et ass ganz witzeg, dass just d'Chambre de Commerce dat kritiséiert huet -: Woufir hu mer elo hei nëmmen, oder bal nëmmen d'Direktiv ëmgesat an net och de Rescht vum 5959 vu mengem Virgänger iwwerholl? Ech muss scho soen, dass ech et ganz witzeg fannen, dass just d'Chambre de Commerce seet: „Ma woufir hutt Der net d'Direktiv benotzt, fir all de Rescht och ze léisen?" Just d'Chambre de Commerce, déi ëmmer mat deem lapidare Saz kënnt, d'Direktiv 1:1 ëmzesetzen.

Ech ginn net midd ze soen, dass et dat net gëtt, eng Direktiv 1:1 ëmzesetzen. Et muss ee se intelligent ëmsetzen an et muss ee se séier genuch ëmsetzen. Mä ech mengen, hei hu mer wierklech versicht, elo emol d'Direktiv ëmzesetzen. Mir hunn natierlech déi puer manner ëmstridden - elo manner ëmstridden, dat ass jo aus der Debatt erauskomm - Punkte vum 5959 iwwerholl. Mä déi grouss Froe vun der Regulatioun vun eiser Landschaft, déi wëlle mer à part traitéieren, an dat ass déi drëtt Fro, op déi ech wëll agoen. Do kommen ech herno nach eng Kéier drop zréck, fir Iech ze soen, wéi mer eis dat an der Regierung virstellen.

Also nach eng Kéier: Mir hunn hei emol versicht, déi Direktiv esou séier wéi méiglech an esou gutt wéi méiglech ëmzesetzen, fir weider konkurrenzfäeg an Europa ze bleiwen als Mediëstanduert. Dat ass deen éischte Punkt. Dofir ass dat Gesetz, och wann et technesch ass, awer en extrem wichtegt Gesetz fir d'Wirtschaftsliewen hei zu Lëtzebuerg.

Déi zweet Fro, déi hei ëmmer erëmkomm ass, déi sech - wou ech ganz frou sinn - och mëttlerweil gekläert huet: Dat ass déi vun der 25%-Klausel, déi '91 fir déi sougenannten „Réseaux régionaux" - e falschen Term - gebraucht gouf. Et sinn der vill heibannen, déi kënne sech net méi un d'91er Debatten erënneren. Dat ware ganz spannend Debatten, well déi Zäit hate mer e Monopol, an et ass versicht ginn, notamment iwwer Piratesenderen, dee Monopol opzebriechen.

De Problem war, dass et déi Zäit net d'Lëtzebuerger Regierung war, déi négociéiert huet bei der UIT, mä et war d'Post, déi négociéiert huet fir d'Lëtzebuerger Regierung, an d'Post huet awer haaptsächlech négociéiert am Optrag vun RTL. Sou dass all déi Frequenzen, déi mer och déi Zäit négociéiert haten, eigentlech haaptsächlech ganz kleng lokal Frequenze waren, déi awer manner gefrot ginn. A grousse Ballungsgebidder wieren d'Leit frou, wa méi lokal Frequenzen do wieren. A klenge Ballungsgebidder ass oft guer keen Demandeur do, fir esou eng Frequenz ze iwwerhuelen.

Mä mir haten net an hunn nach haut net genuch national Frequenzen, fir ebe méi Pluralismus ze maachen, esou dass engersäits gesot ginn ass, RTL behält seng Frequenzen - déi och ausgebaut goufen -, zweetens, mir maachen dann eng Frequenz fir 100,7. Ech wëll drun erënneren, dass mer eis an dësem Gesetz d'Basis ginn, fir eventuell 100,7 an enger zweeter Period och eng zweet Frequenz ze ginn, well och 100,7 net iwwerall uerdentlech empfaange gëtt.

An da sinn dann déi véier sougenannten „regional Senderen" geschaf ginn, déi keng regional Sendere sinn. Just well déi Frequenzen net kënnen um Maximum benotzt ginn, sinn dann déi Frequenze mat méi klenge Sendere regional zesummegestréckt ginn, fir eng uerdentlech Écoute ze kréien. De Problem ass ganz einfach, dass och déi Écoute fir kee vun deene véier haut optimal ass.

Mir sinn amgaangen, mam ILR ze kucken, wéi een dat ka verbesseren, fir deenen eng besser Frequenzméiglechkeet - oder Sendungsméiglechkeet, besser ze soen - ze ginn, deene véier Senderen. Mä déi hunn alleguer relativ wéineg Parts de marché. Ech mengen, deen, deen déi meeschten huet, dat ass den Eldoradio, an da kommen déi aner hannendrun, mä si hu wéineg Part-de-marchéen.

Dofir soen ech och: Déi Angscht, déi '91 bestanen huet, fir ze soen, elo gruppéiert een alles respektiv een iwwerhëlt alles, ass eng falsch Angscht gewiescht. Ofgesinn dovun ass et wirtschaftlech wierklech Nonsens. Mä déi Zäit war dat politesch net aneschters dran.

Et ass Nonsens ze mengen, Pressepluralismus géif ee kréien doduerch, dass een d'Kapital zersteckelt. Pressepluralismus kritt een nëmmen, andeem ee ville Leit d'Méiglechkeet gëtt ze senden, an och ënner enger gewëssener Ligne éditoriale ze senden. Wann ee seet, do musse 25%, véier verschidden Iddien am Sender sinn: Et ass net doduerch, wou ee Pressepluralismus kritt. Pressepluralismus kritt een, andeem ee méi Senderen huet. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass déi Angscht, déi virdrun och ugeklongen ass, fir ze soen: Kéint dann elo net ee kommen, dee géif déi véier huelen? '91 war ëmmer d'Angscht, een - notamment eng geschriwwe Press - iwwerhëlt ee ganz. Elo ass gesot ginn, et ass eng Angscht do, dass een déi véier iwwerhëlt. Ech mengen, déi véier wiere frou, wann ee se géif iwwerhuelen. Ech soen dat elo emol e bësselche karikatural, well déi véier, déi schwammen net am Geld. Also just, fir dat ze soen! Dat ass kee Geschäft, wat déi maachen, a fir de Pressepluralismus ass et vläicht elo gutt, dass mer de Leit propper d'Méiglechkeet ginn, dran ze investéieren.

Souwisou, wann ech emol kucken, wat geschitt mat deene véier, ass et eigentlech manner d'Kapital, wat wichteg ass, mä éischter d'Publizitéitsagencen, déi hannendru Packagen ubidden. Dat spillt vill méi eng grouss Roll. Also, ech mengen, dass mer hei näischt Geféierleches maachen. Et kënnt keen, deen déi véier wëllt opkafen.

Da kënnt jo nach derbäi, dass hei eent vun eise wichtege Regulatiounsorganer, nämlech d'Commission indépendante de la radiodiffusion, d'Roll ze spillen huet. Déi huet och mam '91er Gesetz ebe gekuckt, dass déi véier Sendere complémentaire waren: en DNR, deen am éischten allgemenge Sender war, den Eldoradio, deen op déi Jonk achséiert war, de Radio ARA, deen dann éischter en alternative Sender war, an de Radio Latina, dee virun allem - net nëmmen, mä och - d'portugisesch Bevölkerung ugesprach huet.

2012 lafen déi Konzessiounen erëm aus, an da stellt sech dann d'Fro, wéi dann d'CIR déi ausschreift oder net. Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, dass d'CIR schonn deemools immens vill Wäert drop geluecht huet, fir ze kucken, dass déi véier net alle véier géifen datselwecht maachen, mä dass doduerch d'Radioslandschaft zu Lëtzebuerg beräichert gouf.

Wien herno wat lauschtert, dat ass eng aner Fro. Dat huet engersäits natierlech eppes ze di mam Empfank, an ech mengen, do muss d'Regierung mat deenen zoustännegen Instanzen dru schaffen, um Empfank. Mä op där anerer Säit ass et dann natierlech och esou, dass déi eng déi eng léiwer lauschteren an déi aner déi aner léiwer lauschteren. Ech mengen, dat geféiert och zu engem gewëssene Pressepluralismus, dass ee sech och Radiossenderen erlaabt, déi net 20% Écoute hunn, mä wou déi Leit, déi se lauschteren, awer gäre lauschteren, a wou déi dann och Informatioune kréien, déi se soss net kréien.

Ech wëll dat besonnesch soen, well jo den 100,7 eng grouss Missioun huet, mä zum Beispill den 100,7 elo awer haaptsächlech méi e lëtzebuergeschsproochegt Publikum interesséiert, während aner Senderen dann och aner Publikumen uspriechen. Sou dass ech och mengen - an ech sinn och frou, dass dat mëttlerweil esou an der Chamber gesi gëtt -, dass d'Ofschafe vun der 25%-Klausel eigentlech éischter eppes Iwwerfälleges ass an op alle Fall näischt Geféierleches.

Dann déi lescht Fro, op déi ech wéilt agoen, dat ass déi: Wat maache mer elo mat deenen Elementer vum 5959, wou de Statsrot Opposition-formellen hat, nämlech d'ganz Regulatiounslandschaft? Do ass et esou, dass et net esou einfach ass, fir einfach ze soen: Elo kritt e Régulateur vill Pouvoiren. Et muss een dräi Saache kucken.

Dat Éischt ass - do muss ee vir ufänken -: Wie gëtt dann eng Konzessioun? Zurzäit ginn zwee Organer eng Konzessioun: d'CIR, dat ass fir d'lokal Sendere respektiv déi sougenannten - fälschlecherweis genannten - regional Senderen, an d'Regierung, fir all déi aner. D'Fro stellt sech an enger fräier Pressewelt, ob zum Beispill d'Regierung nach weider soll Konzessioune ginn. Déi éischt Fro fir ze stellen ass also: Wie gëtt Konzessiounen; respektiv: Muss ee Konzessioune ginn? Kann een net iwwer Autorisation-généralë fueren a soen: Wann s de dat respektéiers, kriss de et?

Natierlech, wann et rar Gidder sinn, wéi zum Beispill analog Frequenzen - wa mer bis digital sinn, gëtt et souwisou aneschters, mä analog Frequenze sinn natierlech e raart Gutt -, da muss een d'Décisioun huelen; dohier och d'CIR. D'Fro stellt sech zum Beispill: Soll dann an Zukunft och nëmmen een Organ déi Autorisatioune ginn oder och an Zukunft wéi elo zwee Organer? Dat ass also déi éischt Fro, déi mer musse klären: Wie gëtt d'Autorisatiounen?

Déi zweet ass: Wie kontrolléiert? Wou och d'Fro sech stellt: Soll dann deen, deen d'Autorisatioune gëtt, och kontrolléieren? Ech soen Iech ganz éierlech, dass ech éischter der Meenung sinn, dass een dat soll trennen, dass deen ee se soll ginn an deen anere se soll kontrolléieren.

Da kënnt dat Drëtt, dat sinn d'Sanktiounen, wou och d'Sanktiounsfro sech folgendermoosse stellt: Wéini maache mer Sanctions pénales a wéini maache mer Sanctions administratives? Ech sinn der Meenung, dass Sanctions pénales do musse kommen, wou den Ordre public a Fro gestallt ginn ass. Wann et allerdéngs ëm d'Uechtung oder d'Mëssuechtung vu staatleche Regele geet, sinn ech éischter fir Sanctions administratives.

Wann een also elo awer wëllt engem Régulateur - wat éischter a menger Philosophie ass – Sanctions administratives ginn, da muss een natierlech kucken, dass dee Régulateur och esou opgestallt ass, dass e kann en toute indépendance an en toute sécurité juridique Sanctions administratives ginn. Sanctions administratives, dat ass net einfach de béise Fanger maachen. Dat ass effektiv eppes, wat wéi deet, an dat muss och juristesch ofgekläert sinn.

Mir schaffen am Service des médias et communications un deenen dote Froen. Dir musst verstoen, dass ech Ufank vum nächste Joer dann endlech e bësselchen déi Rekonvaleszenz maachen, déi ech scho laang hätt misse maachen. Wann ech da vum Februar un erëm disponibel sinn, wäert ech och souwuel d'Regierung wéi dann och nach virun der Ouschtervakanz d'Chamber konsultéieren iwwert déi Iwwerleeungen, déi mer gemaach hunn, mat dem Wonsch, dass mer effektiv nach kënne virun der Summervakanz e Projet de loi hei deponéieren.

Mä wéi gesot, ech wäert mat dem Service des médias et communications eng Partie Iwwerleeunge maachen, kucken, ob ech an der Regierung do Secours kréie vun de Kolleegen, an dann, ier dass mer en definitive Projet maachen, awer zum Beispill eng Zort Débat de consultation oder wéi och ëmmer aleeden, op alle Fall d'Chamber schonn emol am Virfeld mat abannen, well d'Chamber jo och ëmmer ganz vill zu deenen dote Froe gesot huet, fir dass mer da vläicht kënnen e Projet de loi maachen, deen och politesch kéint e large Konsens kréien.

Well ech mengen, dass et just an enger Mediëlandschaft scho wichteg wier, dass mer eis hei net tëschent Majoritéit an Oppositioun opdeelen, mä dass mer versichen, hei e large Konsens ze maachen. Wéi gesot, Dir wäert also vun eis am Joer 2011 an der éischter Halschent héieren.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Medien- a Kommunikatiounsminister François Biltgen. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6145.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6145 ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen an 1 Enthalung.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6145 est adopté par 56 voix pour et 1 abstention.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Marcel Oberweis), Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par Mme Nancy Arendt), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert (par M. Lucien Clement), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus (par M. Félix Eischen), Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Raymond Weydert), Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Michel Wolter), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthalung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6198 iwwert d'Zesummesetzung vum Europaparlament. Et sief hei drop higewisen, dass laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass. De Vote par procuration ass bei dësem Projet net erlaabt. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: just d'Madame Polfer. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Ben Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.